n° 3652

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 11:19, 16/02/2021

Lëtzebuerg, den 16/02/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet, Mobilitéit & Justiz weiderzeleeden.

An hirem Avis zum leschte Radar-Gesetzesprojet (n°7652) stellt d'Dateschutzkommissioun fest, dass och d'Foussgänger iwwert de Luuchte-Radar mussen informéiert ginn, well och si op de Fotoe vum Radar kéinten ze gesi sinn. Laut dem Gesetz vum 1.08.2018 muss nämlech all Persoun, där hier Date festgehale ginn, doriwwer a Kenntnis dovunner gesat ginn.

> *Etant donné que l'installation de radars automatiques aux feux rouges concerne un public beaucoup plus large dépassant simplement les conducteurs et les passagers se trouvant à bord de véhicules, la CNPD entend attirer l'attention des auteurs du projet de loi sur l'obligation d'information de l'ensemble des personnes concernées de l'existence de ces radars et du traitement de données concernant (p.ex. panneaux informant les conducteurs et passagers de véhicules ainsi que piétons aux endroits des radars installés aux feux rouges).*

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass virgesinn op der Stäreplaz (an och op allen aneren zukünftege Plazen, wou Luuchte-Radaren installéiert ginn) een oder e puer Schëlder opzeriichten, fir d'Foussgänger iwwert d'Präsenz vum Radar an d'eventuell Späicherung vun hiren Daten ze informéieren?

    - Falls jo, ginn op dësem Schëld all d'Informatioune festgehalen, déi laut Artikel 12§1 vum Gesetz vun 2018 mussen zougänglech sinn, dorënner d'Kontaktinformatioune vum Responsable du traitement a vum DPO?

    - Falls nee, wéi eng Grënn gëtt et laut der Police grad-ducale, fir dësen Artikel net ze applizéieren, baséierend op de Méiglechkeeten déi am §3 vum Artikel 12 genannt ginn?

2. Wëssend, dass de Radar scho säit dem Ufank vun der Testphas am Oktober Fotoe vu Foussgänger kéint gemaach hunn, ass op der Stäreplaz schonn eng deementspriechend

Beschëlderung opgestallt ginn?

- Wann jo, wéi vill Schëlder goufen opgestallt a wat fir Informatioune sinn op hinne festgehalen?
- Wann nee, firwat net?
- Falls eng Beschëlderung an Zukunft virgesinn ass, wéi gesäit dës dann aus a wéini soll se opgestallt ginn?
- Falls keng Beschëlderung virgesinn ass, wéi begrënnt de Minister dës Entscheedung?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 16 février 2021

Objet : Question parlementaire n° 3652 du 16.02.2021 de Monsieur le Député Marc Goergen - Photos prises par les radars feu rouge

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés